ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 1. Oktober 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden:

Am Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 kann een am Artikel 13, Ofsaz 1, Folgendes noliesen:

Tout changement d'affectation de fonds forestiers est interdit, à moins que le ministre ne l'autorise dans un but d'utilité publique ou en vue de la restructuration du parcellaire Agricole permettant une amélioration de l'exploitation concernée.

Laut enger Publikatioun vum Statec ass eise Bësch vun 91.450 Hektar am Joer 2000 op 91.400 Hektar am Joer 2010 zeréckgaangen. Domat hätt Lëtzebuerg 50 Hektar manner u Bësch.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi vill Hektar Bësch goufen op Grond vum Gesetz iwwert *d'utilité public* ëmklasséiert? Aus wat fir engen anere Grënn goufen dës Bëscher ëmklasséiert?
2. Wéi vill Hektar Bësch goufen ëmklasséiert op Grond vu Restrukturatiounen am Beräich vun der Landwirtschaft?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten